IUEOA + mouvement écologique

présentent

rekult

volume.02

une expo d'art autour du développement durable
dans le bâtiment de l'OekoZenter avant sa démolition

16, 17, 18 et 24, 25 octobre 2009
au 6 rue Vauban à Pfaffenthal

plus d'informations sur www.iueoa.lu ou www.oeko.lu

Powered by OKO FONDS

REKULT volume 02

OekoZenter on the move …
vu 6 rue Vauban op 4 rue Vauban am Pafendall

Kommt laanscht kucken

- Freides, de 16. Oktober um 19.00: Ouverture
- Samschdes, de 17. Oktober vu 14.00 - 20.00
- Sonndes, de 18. Oktober vu 14.00 - 20.00
- Samschdes, de 24. Oktober vu 14.00 - 20.00
- Sonndes, de 25. Oktober vu 14.00 - 20.00

- **Visites guidées**: Samschdes a Sonndes jeweils um 16.00

Kënschtler déi un der Expo deelhuelen

Birgit Thalau
Catarina Riccabona
Emilie Marc
Gaël
Hye Young Yun
Jenny Fischbach
Katia Frieders
Kerstin Thalau & Serge Lamesch
Max Mertens
Michel Fisch
Paul Killeen
romainSOussan
Sandy Lorente
Sarah Cattani
Saskia Raux & Marc Scozzai
Steve Clement & Syn2cate
Sven Becker

Weider Informatiounen um Internet op: www.meco.lu oder www.iueoa.lu.
Informatiounen iwwert den ëffentlechen Transport: www.mobiliteit.lu

Erlieft eng leschte Kéier virum Ofrappen eng Austellung an engem Gebai mat enger laanger Geschicht a villen Facetten. Et gëtt Plaz gemaach fir en Niddregenergiebau, dem neien Zenter vun der Nohaltegkeet zu Lëtzebuerg.

Invitatioun

Mouvement Ecologique, OekoZenter Lëtzebuerg an IUEOA lueden häerzlech an op:

eng Expo op enger Plaz déi et muer net méi gëtt

No laangen Diskussiounen sinn dëser Deeg de Mouvement Ecologique, d'Klimabündnis Lëtzebuerg, d'Stëftung Öko-Fonds an d'Berodungsservicer vum OekoZenter, grad wéi och d'Vëlosinitiativ, aus dem aktuelle Gebai vun der Nr. 6 rue Vauban am Pafendall op Nr. 4 rue Vauban geplënnert…fir an 2-3 Joer nees op déi al Adress zeréckzekommen. Dat aalt Gebai gëtt offgerappt an a seng Plaz kënnt en neien OekoZenter. Dëst am Kader vun der Revitaliséierung vun dem Quartier Pafendall.

Den neien Zenter wäert zukunftsweisend sinn: e gëtt no dem Passivhaus-Konzept gebaut an et ginn ëmwelt- a gesondheetsschounend Baumaterialien agesat. Zukunftsweisend awer och wéint senger Offer: e Konferenz- a Seminarraum, en Dokumentatiounszenter, eng Méiglechkeet fir Restauratioun… An natierlech zäitgeméiss Aarbechtsbedingunge fir haapt- an éierenamtlech engagéiert Leit.

Am neien Zenter sollen Informatioun vum Public, Diskussioun, Meenungsaustausch a Weiderbildung am Beräich nohalteg Entwecklung grouss geschriwwe ginn.

Bis den neien Zenter an 2-3 Joer fäerdeg ass kënnen d'Raim vum ale Paschtoueschhaus genotzt ginn, wat 2 Haiser niewendru läit.

Fir dat Evenement ze feieren, wäerte Kënschtler dat alt Gebai während 2 Week-ender eng leschte Kéier beliewen: Am Kader vun der Initiativ REKULT 2 wäerte ronn 20 Artiste vun der "Association pour la culture et le développement durable" (IUEOA) d'Iddi vun der nohalteger Entwécklung aus hirem Bléckwénkel beliichten, vun der Konsumgesellschaft, der Roll vum Geld, dem Klimaschutz iwwert Zyklen an der Natur an d'Verantwortung vun all Eenzelnen vun eis. All Raum vum alen Oeko-Zenter wäert ënnert engem aneren Thema stoe mat Installatiounen, Fotoen, Zeechnungen, Videoen, Musik… Et entsteet esou en aussergewéinleche Parcours, op dee mir heimat all Interesséiert invitéieren.